

# melody an annabell

## Notizen iwwert dem Roger Manderscheid séng Erzielung "feier a flam"

Roger Manderscheid, *Feier a Flam*,  
Editions PHI, Iechternach 1995,  
510 Säiten, 1250 F.

Maggy an Nadine. Katja a Mea. Line a Rita an esou weider. An zu gudder lescht dat schéinst, dat bescht, d' grouss Léift, d'Astrid. Et gin däer Frae vill, déi dem Christian Knapp (geruff Chrëscht) a sénge jonke Joren iwwert de Wee lafen, séch a séng onbehollef Ärem drécken, ouni awer sain "onverschiunt verlaangeren no léift" z'erfëllen. Dat eleng bréngt d'Astrid fäerdeg, némmin d'Astrid a soss kee wéi d'Astrid huet de Schlüssel fir dem Chrëscht säi ganz perséinleche siwwenten Himmel. Oder soll ech soe fir säi sechsten, well - mengt de Chrëscht - "de siwwenten himmel as nét vun dëser welt".

De "schacko klak", éischt Buch aus dem Manderscheid sénger Trilogi, erzielt d'Kandheet vum Izeger Plakapp Christian Knapp, de "papagei um käschtebam" séng Erliefnisser an der Nokrichszäit. A séngem neie Roman "feier a flam", deen am Oktober '95 bei den "Editions Phi" erauskoum, beschreift de Roger Manderscheid d'fofzeger Joren. Déi Etapp am Chrëscht séngeni Liewen, wou hien no Léift sicht, no Sexualitéit, nom Senn vum Liewen, no engem Beruff, no kënschtleresche Méischedekeiten, no Fräiheit an no Gleck.

Hannert der Figur vum Christian Knapp verstoppt séch heiansdo, dacks, däitlech, verschwomm, direkt, diskret, den Auteur selwer. Erém eng Kéier presentéiert hie keng eendeiteg Biografi, mee eng nei erfonne Wiirklechkeet, wéi hien dat beim "papagei" am Virwuert erkläert huet. Dës Mëschung aus perséinlech Erliefstem a Fiktion beréiert, intresséiert a verféiert de Lieser och nach no bal 1500 Säite Christian Knapp. Einfach esou, ouni datt de Manderscheid muss zréckgräifen op Sensatiounen oder spannend Aktiounen.

Bei "feier a flam" fént een direkt am Ufank en Énnerscheed zu deenen éischte Bänn. De "schacko klak" an de "papagei um käschtebam" sin nét némmin, mee awer och historesch Zäitdokumenter iwwer d'Vir-, d'Krichs - an d'Nokrichsjoren. Am neie Roman spillt den historesche Kontext némmin d'zweet Gei, d'Haaptthema dréit séch klor an däitlech ém d'perséinlech Entwécklung vun engem jonke Mensch an de mëffege fofzeger Joren. Souguer beim Militär, wou de Chrëscht Reserveoffizéier war, schwieft dat Politescht verwëscht am Hannergronn. Virun allem perséinlech-ethesch Froen dréien dem Chrëscht duerch de Kapp: Wat soll dat Schéissen? Wat huet en Artist an enger Uniform verluer? Wéi soll hien dat Kasäreliewen aushalen? An och d'Ursach fir dem Chrëscht séng Freierei mat der Arméi gët perséinlech motivéiert: Hie gouf aus Expressegkeet Zaldot, fir séch géint säi Papp durechzesetzen.

---

### Amplaz no lénks an no riets auszedeelen wéint sénge ville Schwiregkeiten, gräift den Auteur no däer sympatescher Waff vum Humor a riicht se géint séch selwer.

---

Doriwwer eraus wollt de Chrëscht nach vill méi en zéie Batz aus sénger Kandheet lassgin. Mee Lëtzebuerg wor Lëtzebuerg wor d'kathoulesch Kiirch an "hie blouf mat zéie seler ugestréckt un déi chrëscht-kathoulesch welt vu sénger mamm". No villem Struewele gin d'Seler labber, an d'Léift fir séng Mamm bleift awer erhal. Sou staark, datt de Chrëscht dacks mengt, hie wéilt an all Fra e Stéck vu sénger Mamm erémfannen. Eng Problematik,

mat däer hie bestëmmt nét eleng do stëet op dëser Welt!

A scho si mer erém bei de Fraen, ém déi séch alles dréit an dësem Buch an dat den Auteur souwisou der anerer Halschecht vun der Menschheet, der weiblecher, gewidmet huet. Wat nét heesch, en experimentéierten Amant géing hei charmant a routinéiert iwwer séng Aventure poteren! De Chrëscht as kee Casanova - héchstens en onbehollef "casanööfchen" - an op séngem Wee bei d'Fraen trëllt hien iwwer Steng a Knuppen. Hie begéint dem Maggy, dem Nadine, dem Melody, dem Rita an deenen aneren mat enger Mëschung aus Bewonnerung, Verlaangeren, Angscht a Loscht. Heiansdo mat Kurajh, dann erém zerrass an zréckhalend, duerno begeschtert... Eng Entwécklung eben, wéi ét se milliouinemol gët, banal a simpel, an awer spannend an iwwerraschend a kompliziert wéi d'Lieve selwer.

Amplaz no lénks an no riets auszedeelen wéint sénge ville Schwiregkeiten, gräift den Auteur no däer sympatescher Waff vum Humor a riicht se géint séch selwer. Steet hien erém eng Kéier mat sénger ganzer Onsécherheet virun enger neier Affair, tituléiert hie séch mat deene schéinsten Ausdréck: de "casanööfchen", den "don quiettschott", de "kathouleschen erotikforscher", - "en eefalt hätt nét anescht ausgesinn". Vill Avance gin dernieft, vill Beeßen, sou och déi hei:

"virum häus, awer hannewands, krut de chrëscht vum line eng bees op all bak an nach eng op säi schnësssteck an hien huei ugestrengt probéiert, och ém line eng bees, eng sou liicht an eng sou verspillten, wéi e loßball, op d'lépsen ze placéieren, leider gung déi dernieft, an de loßball, oder d'bees, as d'lut äus geklunschelt an deen äisegen novemberhimmel dorobber."

Mat engem A kräischen, mat deem anere laachen; sou kënnt e weider am Liewen, op der permanenter Sich nom Meedchen aus den Dreem. Sou léiert de Chrëscht zum Beispill eng Hollännerin kennen, ouni kathoulesch Virbelaaschtung, an hie gëtt gewuer: "d'ria konnt am bett franséisch schwätzen ouni och némmen dee geréngste feeler."

Frae wéi d'Rita an och d'Melody hun hir warm Plaz an désem Buch an hëllefen dem Chrëscht, séng verkleminte Moralvirstellungen no an no d'Baach rofzeschécken. Nét sou einfach an de fofzeger Joren, wou émmer rém "de pol leuck op radio lëtzebuerg gedeedeg huet wéi e maschinne-gewir." Wou de Chrëscht wéi geckeg "no weiblechkeer" verlaangert huet a wou op eemol d'Astrid opdaucht, zréckhalend am Sex a geprägt vum Zäitgeesch, mee déif bannendran natürlech an onkomplizéiert, hongreg op d'Liewen an awer nach mat engem Fouss halfe an de Kannerschong.

An hien, deen "ët bei de fraleit einfach nét bruet huet", land mam Astrid am bois des amoureux a léissé séch verféieren - romantesch, fräi, verléift a jonk. Domat huet de

Roman sain Happy-End, mee 't as kee pechegeen, séisse Schluss. No dräi Bänn kenne mir de Chrëscht elo gutt genuch, fir ze wéssen datt sain Sichen a sain Nodenken ni wäerten ophalen, och wann Zäite vu Rou a vu Gléck séch derteschend drécken.

Bei "feier a flam" halen Eescht a Spaass séch d'Balance. De Roman as eescht, well en der Verletzlechkeet an der Sensibilitéit vun de Menschen notrippelt, hirem éivege Struewelen op dëser Welt. Spaass mécht d'Geschicht a läit an der Geschicht, well iwwerall Humor ervirblëtzzt an d'Méiglechkeet, iwwert séch selwer ze laachen, heiansdo batter, heiansdo ganz lüch a fräi. Och d'poeteschesch Sprooch, déi dem Manderscheid sain Schreiwen émmer charakteriséiert, verléiert un erhabener Grandezza duerch humoristeschesch Gedankegäng a witzeg Wuertkreatiounen.

Iwwerhaapt, d'Sprooch! Si as nét némme lyresch, fléissend, räich an opulent, si stécht iwwerdeems voll mat Iwwerschungen. Den Auteur erféint en erotescche Vokabular, deen äisen dräi oder véier lëtzebuergser Wieder aus dem sexuelle Sproochgebrauch nei Dimensiounen setzt.

Do dernieft komme vill vum Manderscheid séngen Ausdréck direkt aus de fofzeger Joren an 't huet e se scho laang nét méi héiren. Eng Sprooch, déi aus dem Wanterschlof erwächte an déi nostalgesch Pointe setzt.

E bësschen artifiziell, e bëssche manieréiert wirken eng Rei vun Dialoger, déi de Chrëscht mat sénger jétzeger Fra féiert an, vir am Buch, mat séngem Fréind Gatt. Gestéiert hu méch och laang Beschreiungen iwwert d'Kasäreliewen an iwwert d'Aarbécht bei der Bunn, déi der allgemeiner erzielerescher Qualitéit vum Buch hennendrun hippen.

De Roger Manderscheid soll mer ét nét iwwelhueLEN, wann ech an désem Kommentar op d'Téppelen iwwerm "au" verzichten. Obwuel ech un d'lëtzebuergser Schrifmanéier gewinnt sin, huet de grammatischesch korrekten "äu" méch dacks beim fléissenden, harmoneschesch Liesrhythmus énnerbrach, deen zu désem Buch gehéiert wéi d'Flam bei d'Feier.

Nicole Paulus

# ein **forum** für das gute **buch**

## Ihre Zukunft liegt im Buchhandel?

Die "Librairie Krautmaart", seit einem Jahr in der Oberstadt präsent mit dem Schwerpunkt auf deutschsprachigen Büchern, sucht eineN

### Buchhändler/Buchhändlerin

anfangs für 15-20 Stunden. Ein kurzfristiger Ausbau der Stundenzahl und ein mittelfrisiter Einstieg als Partnerin der Buchhandlung sind angestrebt.

Eine Ausbildung als Buchhändler/in ist ein Vorteil, aber nicht Voraussetzung. Kenntnis des Luxemburger Kontextes, besonders des Schulbereichs, vielfältiges Interesse an verschiedenen Buchsortimenten und Spaß an der fachlichen Kundenbetreuung sind die wichtigsten Eigenschaften.

Schriftliche Bewerbungen bitte an die Buchhandlung.



**Librairie  
um  
Krautmaart**

**15, rue du Marché aux Herbes  
L-1728 Luxembourg**